ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 15. November 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës **dréngend** (Art. 81) parlamentaresch Fro un d'Madamm Banneminister an den Här Bausseminister weiderzeleeden.

D'Modalitéite fir d'Ufroe vun engem Referendum gesi vir, datt all Lëtzebuerger Staatsbierger, deen op der Walléscht fir d'Legislativwalen agedroen ass, d'Recht huet, op senger Gemeng ze ënnerschreiwen, fir e Referendum unzefroen. D'Prozedur fir sech fir de Referendum iwwert d'Verfassung anzedroen, geet dëse Freideg, den 19. November, lass.

Elo ass et awer sou, datt och eng ganz Rei Lëtzebuerger Staatsbierger, déi offiziell op de Walléschte fir d'Legislativwalen opgefouert sinn, sech am Ausland ophalen. Et handelt sech virun allem ëm Persounen, z.B. Studenten, déi zwar momentan am Ausland wunnen, déi awer nach hiren offizielle Wunnsëtz zu Lëtzebuerg hunn.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Regierung:

1. Gi Lëtzebuerger Staatsbierger, déi zwar momentan am Ausland wunnen, déi awer nach hiren offizielle Wunnsëtz zu Lëtzebuerg hunn, an iergend enger Form informéiert, respektiv, sensibiliséiert, fir vun hirem Recht Gebrauch ze maachen, sech op der Gemeng fir d'Referendumsprozedur anzedroen?
2. Plangt d'Regierung, fir deene Lëtzebuerger Staatsbierger, déi zwar momentan am Ausland wunnen, déi awer nach hiren offizielle Wunnsëtz zu Lëtzebuerg hunn an domat och op enger Walléscht agedroe sinn, mat administrative Facilitéiten entgéintzekommen, fir et hinnen esou einfach wéi méiglech ze maachen, sech op der Gemeng fir d'Referendumsprozedur anzedroen?
3. Wa jo, wéi sollen dës administrativ Vereinfachunge konkret ausgesinn an a wéi engem zäitleche Kader ka mat der Ëmsetzung vun deenen Demarche gerechent ginn?
4. Eng Rei vu Lëtzebuerger, déi am Ausland wunnen, hu keng Adress méi zu Lëtzebuerg, mee sinn awer de Lëtzebuerger Ambassaden oder Konsulater bekannt. Gi si iwwert déi aktuell Referendumsprozedur no Artikel 114 vun der Constitutioun informéiert a wéi a wou kënne si sech aschreiwen, fir dës Prozedur ze ënnerstëtzen, sollte si dat da wënschen?

5. Wéi presentéiert sech d'Situatioun vun deene Lëtzebuerger, déi am Ausland wunnen, déi keng offiziell Adress méi zu Lëtzebuerg hunn an déi och net op enger diplomatescher oder konsularescher Vertriedung enregistréiert sinn? Kënne si sech iergendwou aschreiwen, z.B. bei der Gemengeverwaltung vun der Haaptstad, wa si e Referendum wëllen ënnerstëtzen?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten